LSAP

N° 4671
Reçue le 16.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.07.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Juli 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Déi lescht Méint vum Schouljoer 2020/2021 kruten d'Schüler d'Méiglechkeet, zweemol an der Woch een Covid-19 Auto-Schnelltest ze maachen, fir den Unterrecht sou sécher wéi méiglech ze halen. Och d'Droen vun den Masken an der Schoul ass bis de 15. Juli bäibehale ginn.
Déi Jugendlech tëscht 12 -18 Joer hunn dernieft alleguerten d'Méiglechkeet kritt, fir sech impfen ze loossen. D'Kanner ënner 12 Joer allerdéngs kënnen net geimpft ginn a sinn dem Virus am Meeschten ausgesat, och an der Summervakanz a warscheinlech och bei der Schoulrentrée am September.

An deem Zesummenhang well ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Gëtt et fir d'Kanner ënner 12 Joer eng Teststrategie fir d'Vakanzenaktivitéiten, fir d'Summerschool a fir d'Schoulrentrée 2021/22 ?
- De Minister huet ugekënnegt, am Schouljoer 21/22 wann méiglech keng Maskeflicht méi an de Schoulen anzeféieren. Wéini an op Grond vu wéi enge Critèren wëll de Minister duerzou eng definitiv Decisioun huelen ?
- Gëtt d'Opportunitéit vun der d'Installatioun vu Loftfilteranlagen an de Gebaier vum Enseignement Fondamental iwwert de Summer gepréift, fir méi Schutz an de Schoulen ze bidden?
- Wéi fält de Bilan vun den CO2-Moossgeräter aus? Sollen dës och no der Rentrée weiderhin agesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4671 vun der honorabeler Madame Deputéiert Francine Closener**

**Ad 1)**

Am Kader vun der Summerschool 2021 ginn déi nämmlecht Dispositiounen ugewant, wéi se och fir déi lescht Woche vum Schouljoer 2020/2021 an den ëffentleche Grondschoulen appliz éiert goufen. An dësem Zesummenhang kréien d'Kanner, déi heifir d'Zoustëmmung vun hiren Elteren hunn, Antigène-Selbsttester zur Verfügung gestallt, fir sech zweemol d'Woch ze testen. Vun deenen zwee Tester gëtt een an der Schoul a Begleedung duerch den Enseignant an deen aneren doheem ënnert der Opsiicht vun den Eltere realiséiert.

Wéi am Artikel 6 vun der *Loi du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 et modifiant : 1° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments ; 2° la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments* festgehalen, ass ausserdeem d'Droe vum Mask bannent de Schoulgebaier obligatoresch, bis d'Schüler op hirer Plaz sëtzen. Gläichzäiteg sinn och déi preventiv Hygiènesmesuren, wéi beispillsweis e reegelméissegt Wäsche vun den Hänn, weider recommandéiert a goufen den Enseignanten am Kader vu Formations continues a Versammlunge mat de Regionaldirektiounen am Virfeld vun der Summerschool am Detail nach eemol erkläert.

Um Niveau vun de Strukture vun der nonformeller Bildung gouf den 13. Juli 2021 matgedeelt, datt d'Personal vun de Strukturen invitéiert ass, sech wärend der Schoulvakanz weiderhin zweemol d'Woch ze testen. D'Material, fir dës Period ze couvréieren, gouf zur Verfügung gestallt. D'Teste vun de Kanner ass wärend de Schoulvakanzen an de Strukture vun der nonformeller Bildung net virgesinn.

Fir d'Rentrée 2021/2022 gëtt weiderhin op d'Preventiouns- an Hygiènesmesurë gesat, déi och zum Schluss vum Schouljoer 2020/2021 appliz éiert goufen. Esou huet zum Beispill den Test-Dispositif seng Friichte gedroen a gëtt och weiderhin an de Lëtzebuerger Grondschoulen ëmgesat. Den héijen Taux de Vaccination bei den Enseignantë gouf natierlech och bei der Adaptatioun vun de sanitäre Mesuren consideréiert.

Natierlech gëllt et wärend dem Schouljoer 2021/2022, weiderhi follgend Hygiènesmesuren anzehalen:

- D'Hänn solle verstäerkt gewäsch ginn;
- Et ass recommandéiert, weiderhin an den Ielebou ze houschten;
- De physesche Kontakt mat aneren, wéi zum Beispill beim Begréissen, soll evitéiert ginn;
- D'Nueschnappecher solle just eemol benotzt an duerno direkt entsuergt ginn.

D'Schoule si weiderhin ugehalen, fir reegelméisseg ze lëften a gräifen heibäi op d'$CO_2$-Moossgeräter zeréck, déi si schonns wärend dem leschte Schouljoer zur Verfügung gestallt kruten, fir esou de Rhythmus

vum Lëfte festzeleeën. Instruktiounen iwwer d'Lëften krute sämtlech Enseignantë gradesou wéi déi aner Preventiouns- an Hygiènesmesuren Ufank September schrëftlech via d'Regionaldirektioune matgedeelt.

Virun der Schoulrentrée 2021/2022 goufe sämtlech Membere vun der Schoulpopulatioun an de Large Scale Testing (LST) invitéiert. Weiderhi ginn och d'Antigène-Selbsttester an de Schoulen no der Rentrée ëmgesat. Am Fall, wou d'Eltere fir d'Partizipatioun vun hirem Kand um Test-Dispositif optéieren, realiséieren dës zwee Antigène-Selbsttester pro Woch am Zenario de Base. Och d'Schoulpersonal huet d'Méiglechkeet, fir um Testdispositif deelzehuelen an zwee Schnelltester d'Woch ze maachen.

Fir de Schoulsport bleiwe weiderhin déi Mesuren ëmzesetzen, déi zum Schluss vum leschte Schouljoer applicabel waren.

Wéi och schonn d'lescht Schouljoer ass d'Droe vun engem Mondschutz weiderhi fir d'Zyklen 2-4 obligatoresch bei all Circulatioun bannent dem Schoulgebai. Dee Moment, wou d'Schüler op hirer Plaz sëtze respektiv un Aktivitéiten am Fräien deelhuelen, ass d'Droe vun engem Mondschutz net obligatoresch. Am Fall, wou een oder zwee Membere vum Klassegroup positiv op COVID-19 getest ginn, gëtt dat permanent Droe vun engem Mondschutz wärend de schouleschen Aktivitéite bis zum Ophiewe vun der Quarantän duerch ee negative PCR-Test obligatoresch.

De Stufeplang gouf den neie Gegebenheeten an de Schoulen ugepasst a gesäit fir d'Cyclen 2-4 follgend Zenarie vir:

**Zenario 1 an 2: een oder zwee Fäll an enger Klass**

Follgend Mesurë si virgesinn:

- Déi infizéiert Persoun(en) gëtt (ginn) isoléiert;
- Eventuell Kontakter vu Membere vun der Schoulpopulatioun mat der infizéierter Persoun ginn identifizéiert;
- D'Droe vun engem Mondschutz gëtt obligatoresch;
- Geimpften a geheelte Persoune mussen net méi an d'Quarantaine;
- Net geimpfte Membere vun der Schoulcommunautéit ginn a Quarantaine mat enger Autorisatioun fir u schouleschen Aktivitéiten deelzehuelen, wa se zougestëmmt hunn, all 48 Stonnen ee Schnellselbsttest an der Schoul ze maachen;
- D'Quarantaine gëtt no engem negative PCR-Test opgehuewen, deen ab dem sechsten Dag nom Feststelle vun der Infektioun ka realiséiert ginn.

Jee nodeems, ob een Enseignant geimpft ass oder net, gëtt fir dësen entweeder eng Quarantaine décidéiert.

**Zenario 3: dräi bis fënnef positiv Fäll an enger Klass**

An dësem Szenario gëllt et, follgend Mesuren ze applizéieren:

- Déi infizéiert Persoune ginn isoléiert;
- Eventuell Kontakter vu Membere vun der Schoulpopulatioun mat der infizéierter Persoun ginn identifizéiert;
- Geimpften a geheelte Persoune mussen net méi an d'Quarantaine; d'Droe vun engem Mondschutz gëtt fir si obligatoresch;
- Net geimpfte Membere vun der Schoulcommunautéit ginn a Quarantaine. D'Quarantaine gëtt no engem negative PCR-Test opgehuewen, deen ab dem sechsten Dag nom Feststelle vun der Infektioun ka realiséiert ginn;
- Am Fall, wou fir méi wéi d'Hallschent vun de Schüler eng Mise en quarantaine decidéiert gouf, gëtt een Enseignement à distance organiséiert.

**Zenario 4: Infektiounsketten an enger Schoul – méi Klasse si concernéiert an/oder eng Klass zielt méi wéi fënnef positiv Fäll**

De Comité de pilotage "COVID-19 and Education" geet weiderhin senge Missiounen no:

- Déi sanitär Situatioun gëtt reegelméisseg analyséiert;
- De Comité de pilotage proposéiert dem Direkter vun der Santé op Basis vun der Analys vun der sanitärer Situatioun méi déifgräifend Mesuren um lokalen, regionalen oder nationalen Niveau.

Fir de Cycle 1 gi weiderhin déi Zenarien applizéiert, déi zum Schluss vum leschte Schouljoer gegollt hunn.

**Ad 2)**

No Concertatioun mam Gesondheetsministère gouf d'Decisioun geholl, datt d'Maskeflicht an de Cyclen 2-4, wéi an der Äntwert op déi Fro virdrun erkläert, weiderhi gëllt am Fall, wou d'Kanner an d'Schoulpersonal an de Gebailechkeete circuléieren an eenzeg, wann d'Schüler op hirer Plaz sëtzen, si si vun der Maskeflicht befreit am Fall, wou an de concernéierte Klasse rezent kee positive Fall detectéiert gouf.

**Ad 3)**

Ech verweisen am Kontext vun dëser Fro op meng Äntwert op den Ad 2) vun der parlamentarescher Fro Nr. 4641.

**Ad 4)**

Den allgemenge Retour zu den $CO_2$-Moossgeräter ass positiv, well si den Enseignanten, niewent der Verhënnerung vun der Verbreedung vum Virus, ausserdeem erlaben, de Schüler ze erklären, wéi wichteg frësch Loft an ee reegelméissegt Lëften ass.